Reportagen - ACEL Meets Politics

"Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?"

De Sven Bettendorf, President vun der ACEL. / © Eldoradio

Den 10. Oktober organiséiert d'ACEL en Event am Kader vum Schengen-Accord, dee säi 35. feiert. Déi lescht Méint hunn awer wéineg Grënn fir ze feiere ginn.

Och wann et virdru scho Problemer goufen, huet d'**Coronakris** gewisen, ewéi **séier d'Grenzen** an engem Raum, deen eigentlech fir oppe Grenze steet, zougemaach kënne ginn. "Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?" - ënnert deem Motto gëtt e politeschen Dag vum Lëtzebuerger Studentevertrieder organiséiert. Mat dobäi si verschidde Personnagen aus der Politik, sou de **Claude Meisch, de Charel Goerens, de Nicolas Schmit, d'Viviane Reding an d'Karin Basenach**. Den ACEL-President Sven Bettendorf erkläert, dass ee mam Event den **Dialog tëscht Studenten a Politik** encouragéiere wëll.

De **politeschen Austausch** ass fir d'ACEL zënter Joren eng Prioritéit – duerch déi bekannte Grënn hunn all d'Evenementer op deem Niveau dëst Joer ofgesot oder an d'Netz verluecht ginn. Mat dësem politeschen Dag, dee souzesoen d'**REEL ersetze** soll, wëll een dem **gewënschten Dialog** nees eng grouss Bühn bidden an de Studenten erméiglechen hir Froen, Problemer a Suerge matzedeelen. Bei den Invitéeën aus der Politik huet een dann och **näischt dem Zoufall iwwerlooss**. Et solle Leit sinn, déi sech mat der Politik an Europa auskennen an **hiert Wësse bäisteiere** kënnen.

Och wann et an éischter Linn ëm d'Studente geet, ass et der ACEL wichteg, datt **jiddereen dëse Samschdeg wëllkomm** ass. Et erhofft ee sech eng breet Diskussioun, an där **aktuell Schwieregkeeten** op de Leescht geholl ginn. Grad esou wichteg ass dem ACEL-President, datt een och **zukünfteg Problemer uschwätzt** a mat Zäiten upaken a léise kann. Den Event soll souzesoen **eng Bestandsopnam** vun den aktuelle Chantieren an Europa duerleeën a wéi een dës aus dem Wee ka raumen. Dem Sven no ginn et **vill Ongerechtegkeeten**, déi scho laang misste geléist gi sinn.

Umelle kann ee sech nach **bis den 9. Oktober** Mëtternuecht (23 Auer 59). Wéi den ACEL-President am Eldo-Interview erkläert huet, gëtt dat **ganzt Event gefilmt** a kann deemno op de soziale Medie landen. Fir d'Leit, déi live wëllen deelhuele gëllen natierlech déi **bekannte Corona-Moossnamen**. Donieft ass eppes besonnesch wichteg: **Froe stellen, Problemer uschwätzen** an net fäerten, seng Gedanke matzedeelen. Den Event soll genotzt ginn, d'Situatioun vun all Eenzelem ze verbesseren an **onnéideg Aschränkungen an engem eigentlech vereenegten Europa** aus dem Wee ze raumen.

Hei de Programm vum politeschen Dag vu 14 bis 19 Auer:

- Accueil an der Maison du Savoir
- Begréissung vum ACEL-President Sven Bettendorf
- Virtrag vum Educatiounsminister Claude Meisch
- Froeronn mat alle Participanten
- Paus virum Auditoire
- Table ronde "35 Joer Schengen: Ass alles perfekt? - Problemer vun de Studenten an engem vereenegten Europa."

© ACEL

LINK: Hei ginn et weider Informatiounen.

Adress a Mesurë wéinst der aktueller Situatioun:

Wéinst den aktuelle Corona-Moossname muss ee sech am Virfeld fir den Event umellen. Dat geet nach bis den 9. Oktober 23 Auer 59. Et gëllt eng Maskeflicht bis ee sëtzt, d'Sëtzplaze ginn zougewisen. Wärend dem Event sollt een op senger Plaz sëtze bleiwen. Am Auditoire ass et weder erlaabt ze drénken, nach ze iessen. An der Paus gëtt an der Hal virum Auditoire Waasser offréiert. D'Event ass am groussen Auditoire vun der Maison du Savoir um Belval: 2, Avenue de l'Université, L-4365, Esch.

Commerce

Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?

ACEL meets Politics

COMMERCE / 08.10.2020

ANZEIGE

Studentevertriedung

De Schengenaccord, deen dëst Joer säi 35. Gebuertsdag feiert, ass d'Thema vun dëser Journée politique, déi den 10. Oktober 2020 an der Maison du Savoir um Belval zu Esch wäert stattfannen.

Déi lescht Méint hu gewisen, wéi schnell d'Grenzen och innerhalb vum Schengen-Raum kënnen zougemaach ginn, an zu wat fir Problemer dëst virun allem an de Grenzregioune féiere kann. Vill Studenten aus Lëtzebuerg, déi an engem anere Land studéieren, goufe staark an hirer Mobilitéit ageschränkt a virun eng nei Situatioun gestallt, déi eng grouss Majoritéit vun hinne bis dohin net kannt huet.

Och wann et scho virun der Covid-19-Pandemie vill Problemer innerhalb dem Schengen-Raum gi sinn, sou huet dës sanitär Kris op en Neits gewisen, dass nach vill verbessert muss ginn.

Krut Schengen déi lescht Méint seng Grenzen opgewisen? Dat ass d'Fro, ëm déi sech d'Journée politique den 10. Oktober 2020 um Belval dréine wäert.

Programm vun der Journée politique:

- Accueil

- Begréissung duerch den Här Sven Bettendorf

Presidef nt vun der ACEL

- Virtrag vum Här Minister Claude Meisch

Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

Minister fir Héichschoul a Fuerschung

- Paus

- Table ronde

30 Joer Schengen: ass alles perfekt?

Problemer vun de Studenten an engem vereenegten Europa.

Karin Basenach

Viviane Reding

Sven Bettendorf

Nicolas Schmit

Charel Goerens

D'Invitéë sinn den Här Minister Claude Meisch, den Här Nicolas Schmit, den Här Charel Goerens, d'Madamm Viviane Reding, d'Madamm Karin Basenach an den Här Sven Bettendorf.

Wéinst de sanitäre Mesuren ass et obligatoresch, sech fir dësen Event unzemellen.

Infoen zum Event: www.acel.lu/journee-politique

ACEL – de Studentevertrieder

Weider Informatiounen: contact@acel.lu

www.facebook.com/AcelLuxembourg

1. Oktober 2020 um 14:33 Uhr

Verbraucher

Anstieg der Beschwerden

Luxemburg. Europäisches Verbraucherzentrum registriert viele Urlaubsmängel durch Corona.

Von Sabine Schwadorf

() Die gegenwärtige Pandemie erschüttert die Welt, und viele Branchen wie der Tourismussektor, sind betroffen von Grenzschließungen und Reisestornierungen. So war die Zahl der Verbraucher mit grenzüberschreitenden Streitigkeiten noch nie so hoch wie in diesem Jahr, registriert das Europäische Verbraucherzentrum Luxemburg (CEC Luxembourg), das Verbraucher kostenfrei bei grenzüberschreitenden Verbraucherrechtsstreitigkeiten unterstützt. So gab es im Vergleich zu 2019 bereits einen Anstieg der Fälle um 52 Prozent: Von 3471 Fällen, die von Januar bis September registriert wurden, betreffen 1343 den Tourismussektor. Überwiegend geht es dabei um Corona-bedingte Reisestornierungen.

So gingen beim CEC Luxembourg 694 Anfragen im Zusammenhang mit Flügen ein. Im Jahr 2019 waren dies „nur“ 311. Eine Steigerung also von 123 Prozent. Karin Basenach, Direktorin des Europäischen Verbraucherzentrums Luxemburg sagt: „Es war zunächst verständlich, dass Fluggesellschaften nicht in der Lage waren, Flugtickets innerhalb der gesetzlichen Sieben-Tage-Frist zu erstatten. Mehr als sechs Monate nach Beginn der Pandemie in Europa ist es jedoch an der Zeit, dass Verbraucher nun eine Rückerstattung für ihre annullierten Flüge erhalten. Die Rechte der Verbraucher müssen respektiert werden, damit diese nach dem Verlust ihres Urlaubs nicht noch zusätzlich einen finanziellen Schaden erleiden müssen.“

Beim CEC Luxembourg sind darüber hinaus auch bereits 345 Fälle im Zusammenhang mit Hotels und Campingplätzen eingegangen, somit 348 Prozent mehr als im Jahr.

Wer noch immer keine Rückerstattung seitens einer Fluggesellschaft oder einem in einem anderen Land der EU ansässigen Unternehmen erhalten hat, kann sich an das Europäische Verbraucherzentrum Luxemburg wenden, das berät und unterstützt, um eine bestmögliche, kostenfreie Lösung der grenzüberschreitenden Verbraucherstreitigkeit zu erzielen.

Das CEC Luxemburg ist Teil eines Netzwerkes von 30 Europäischen Verbraucherzentren in der EU sowie in Island, Norwegen und im Vereinigten Königreich. Das Zentrum wird finanziell von der Europäischen Kommission, dem luxemburgischen Staat (Ministerium für Verbraucherschutz) und dem Verbraucherverband ULC unterstützt. Telefon 00352-268464-1, E-Mail : info@cecluxembourg.lu

MEHR ZU URLAUB MIT MÄNGELN: EUROPÄISCHE VERBRAUCHERZENTRUM BERÄT KOSTENLOS.

aux Rotondes qui a dû être annulé en raison du Covid. La bande-annonce est malgré tout à voir sur → **rotondes.lu**

Oiseau siffleur à créer

LUXEMBOURG Le Comité Alstad a lancé un concours de Péckvillchen, un sifflet d'argile en forme d'oiseau, pour une série limitée en vue du marché 2021 de l'Émaischen en avril. Pros et amateurs peuvent soumettre une création. → **comitealstad.lu**

Recours à la médiation

LUXEMBOURG Le prochain webinaire Midi du consommateur européen, demain de 12 h 30 à 13 h 30, aura pour thème le recours à la médiation en cas de litige avec un professionnel basé à l'étranger. → **cecluxembourg.lu**

L'Essentiel - 20/10/2020